| | |
|---|---|
| * 28.06.1924 zu Stroossen | an och do bei séngen Elteren an der Broutgaass N. 8 gewunnt |
| September - Oktober 1942 | Verhéier an der Villa Pauly, Gestapo zu Lëtzebuerg |

R.A.D. vum 18. Februar - 12. Mee 1943
zu OHLAU (Schlesien) haut OLAWA, 27 km südöstlech vu WROCLAW (Breslau) a Polen.
Hei war en zesumme mam Jean JEMMING (-HAMMEREL).

W.H. Den 22. Mee 1943 an der Kasär zu GUBEN, haut Wilhelm-Pieck-Stadt un der polnescher Grenz. Vun hei aus gong et a Russland an d'Ausbildung bei LIOSNO, wou de Jean JEMMING och nach bei him war an dun un d'Front bei WITEBSK, wou se getrennt gouwen.
Sei leschte Bréif mat der FPN 06 374 C u séng Leit, datéiert vum 3. Abrëll 1944, wou en ënner anerem schreift:
„Ich sitz hier nicht an einem Tisch, sondern hocke im Erdloch, die Finger kalt, eisig weht der Wind. Es ist aber auch schlimm, dass hier im Süden so ein Wetter ist. Es ist furchtbar."
De Willy Bückle, FPN 59 907, SS-Panzerkommandant aus der SS-Divisioun „Wiking", schreift den 30.04.1944, en hätt d'Läich vun engem Zaldot fonnt, a mengt et wier den Tury:
„Es war links am Bahndamm zwischen MAVE-ROSCHAVY und KOWEL, ungefähr 4 km vor KOWEL. Erkennungsnummer trug er keine mehr und die Taschen und Brotbeutel waren von den Russen durchwühlt. Er lag auf der Seite im Graben neben der Bahn. Um ihn herum lagen mehrere Briefe, so daß ich annahm, daß er der Besitzer war. Die Adressen waren sehr schlecht zu entziffern, ich nehme an daß er 4-5 Wochen schon dort liegt. Er muß durch eine Kugel gestorben sein, genaues konnte ich nicht feststellen."
Laut engem Bréif vum 09.05.1944 vum Leutnant Wolfgang Dohr, séngem Kompanieführer, as den Tury seit dem 05.04.1944 vermësst. Een „Einschreiben" vun der „Dienststelle der FPN 06 374 C" vum 22.05.44 bestätegt, dass de Gefr. Bonaventura JENTGEN seit dem 05.04.44 bei CZERKASSY vermësst as a bezweifelt déi Vermutungen vum SS-Panzerkommandant.



resp. Brudder am Abrëll 1944 bei KOWEL gefall war.
No engem Témoignage, deen eis vum Här Nicolas Schantzen vu Stroossen de 17.05.1992 op Toundband opgeholl gin as, dat hei:
„Säi Monni, den Här Johann Schwaller, * 12.01.1907, aus D-5090 LEVERKUSEN 1, Rathenau-Str. 166, war am Joer 1945 a RUMÄNIEN zu FOCŞANI a Gefaangeschaft. Enn 1945 gouf e vun de Russen zréck an d'UKRAINE transportéiert op ŠEVČENKOVO. Vun der Gare bis an d'Lager huet hien engem jonge Mënsch virugehollef dee ganz entkräft war, „er hatte keinen Mumm mehr". Dee Jong huet him gesot e wär Lëtzebuerger a kéim vu STROOSSEN, wou säi Papp Metzler wier. Beim Numm „Stroossen" as den Här Schwaller „hellhörig" gin, wëll seng Schwëster, d'Fra vum Här Edouard Schantzen, zu Stroossen gewunnt huet. Dat as och d'Ursaach dass déi Episod am Gediechtnes vum Här Schwaller gespäichert blouf.
Am Lager gouwe se getrennt an den Dag drop huet hien nom Jong gekuckt, en ower nët méi fonnt. E war an der selwechter Nuet u Schwächt gestuerwen.
Konklusioun: Den Tury, well em deen handelt et sech hei, nämlech deem Metzler vu Stroossen sei Jong dien nët erëm koum, as am spéiden Hierscht 1945 an der Ukraine zu ŠEVČENKOVO a russescher Gefaangeschaft gestuerwen.
Wat déi Breif ugeet, déi den SS-Panzerkommandant am Abrëll 1944 bei KOWEL fonnt hat, as dat wahrscheinlech de Bewäis dass den Tury deemools an d'Gefaangeschaft koum. D'gefaangen Zaldote kruten normalerweis d'Wertsaachen ofgeholl an de Rescht gouf ewech gehäit. Sei battere Wee goung du vu KOWEL aus südlech a RUMÄNIEN a vun hei östlech an d'UKRAINE no ŠEVČENKOVO, d'Ennstatioun vu séngem jonke Liewen.

Séng Elteren:

| | |
|---|---|
| JENTGEN Aloyse | * 27.08.1892 zu Stroossen<br>† 29.04.1983 zu Lëtzebuerg |
| MUHLEN Anne | * 13.03.1895 zu Speicher |